LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°4835 vum 28. September 2026 vun den honorabelen Deputéierte Jeff Boonen a Charles Weiler betreffend den ëffentlechen Transport an der Gemeng Rammerech.

Ass der Madamm Ministesch déi uewe beschriwwe Problematik vun der Ubannung vun den Uertschaften Holtz, Pärel a Wolwen u Rammerech respektiv un Ettelbréck bekannt?

De Wonsch vun enger besserer Ubannung vun den Uertschaften Holtz, Pärel a Wolwen u Rammerech respektiv un Ettelbréck ass mir bekannt.

Wéi gëtt déi aktuell Offer vum ëffentlechen Transport fir dës Uertschaften, besonnesch am Hibléck op d'Faartzäiten, d'Noutwendegkeet vum Ëmklammen an d'Verbindungen innerhalb vun der Gemeng bewäert?

D'Roll vum RGTR besteet doran, eng héichwäerteg regional Busoffer unzebidden, déi sou gutt wéi méiglech op déi wichtegst interkommunal a regional Mobilitéitsbedierfnisser vun de Leit ofgestëmmt ass.

Deemno besteet aktuell an den Uertschaften Holtz, Pärel a Wolwen eng Direktverbindung (RGTR 901) an Stad (Stäreplaz). Zousätzlech dozou profitéiert Wolwen vun enger Direktverbindung iwwert Bauschelt op Wolz.

Wat Verbindungen innerhalb vun de 17 Uertschafte vun der Gemeng Rammerech ugeet, ass et wichteg ze ënnersträichen, datt et op Basis vum Gesetz vum 5. Februar 2021 iwwer den ëffentlechen Transport net zu den Aufgabe vum RGTR gehéiert, all Uertschaft bannent enger Gemeng direkt mateneen ze verbannen. Dës Aufgab fält an de Kompetenzberäich vun der Gemeng.

Ass d'Madamm Ministesch bereet ze préiwen, ob d'RGTR-Linn 935 iwwer Wolwen a Pärel bis op Holtz verlängert ka ginn, fir esou eng direkt Verbindung vun dësen Uertschaften op Rammerech an Ettelbréck ze schafen?

D'Verlängerung bis op Pärel gouf virun e puer Joer analyséiert. D'Propose vun der Verlängerung vun der Linn 935 soll zwee Objektiver erreechen:

- *Eng besser Verbindung vun den Uertschaften Holtz, Pärel a Wolwen un Ettelbréck*

Bei enger Verlängerung vun der Linn 935 géif den Trajet vun Holtz bis op Ettelbréck iwwer 42 km féieren, wat enger Fuerzäit vun ongefeier enger Stonn entsprécht. Well d'Linn, wéi haut schonn, en Détour iwwer Rammerech géif fueren, fir dës Uertschaft souwéi Ueschdref an Heeschpelt unzebannen, wier dës Offer wéineg attraktiv a kaum kompetitiv am Verglach mam Auto (knapp 37' mam Auto).

Ausserdeem géif dës Verlängerung zousätzlech Käschte vun ongefeier 560.000 Euro pro Joer mat sech bréngen.

- *Eng besser Verbindung vun den Uertschaften Holtz, Pärel a Wolwen un Rammerech*

Dës Aufgab fält, op Basis vum Gesetz vum 5. Februar 2021 iwwer den ëffentlechen Transport, an de Kompetenzberäich vun der Gemeng.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Aus dëse Grënn gëtt eng Verlängerung vun der aktueller Linn 935 bis op Ettelbréck net a Betruecht gezunn.

Gouf eng méiglech Verlängerung vun der Linn 935 an der Vergaangenheet schonn analyséiert? Wa jo, zu wéi engem Resultat ass dës Analys komm? Wann net, ass den Här Minister [d'Madamm Minister] bereet, esou eng Analys duerchzeféieren?

Ech verweisen op d'Äntwert op déi virrecht Fro.

Wéi eng Critèrë ginn am Allgemenge vum Ministère respektiv vun der Administration des transports publics applizéiert, wann iwwer d'Verlängerung oder d'Upassung vun enger RGTR-Linn am ländleche Raum decidéiert gëtt? A wéi wäit ginn dobäi och d'Verbindungen innerhalb vun enger Gemeng an den Accès zu kommunalen Infrastrukture berücksichtegt?

Am Kader vun den Upassunge vum RGTR-Reseau gëllt eng kloer definéiert Prozedur. All offiziell Demande vun enger Gemeng fir eng Adaptatioun, déi beim Ministère oder bei der Administration des transports publics erakënnt, gëtt am Detail zesummen analyséiert. Duerno gëtt d'Demande an engem spezifeschen Aarbechtsgrupp evaluéiert an op Basis vun de finanziellen an operationelle Contrainten validéiert oder verworf, an déi entspriechend Decisioun der Gemeng matgedeelt.

Wéi schonn a menger viregter Äntwert erkläert, falen d'Verbindungen innerhalb vun enger Gemeng net an de Kompetenzberäich vu mengem Ministère.

Falls eng Verlängerung vun der Linn 935 net a Betruecht gezu gëtt, wéi eng aner Méiglechkeete gesäit d'Madamm Ministesch, fir d'Ubannung vun Holtz, Pärel a Wolwen u Rammerech an un Ettelbréck ze verbesseren?

Ab 2030 ginn d'Buslinnen an der Regioun nei ausgeschriwwen. Am Virfeld wäerte meng Servicer am Joer 2028 op Basis vun den Donnéeë vum Observatoire digital de la Mobilité eng gréisser Bedarfsanalyse duerchféieren. Dës soll, am Zesummespill mat den Demande vun de concernéierte Gemengen, sécherstellen, datt den RGTR-Reseau esou verbessert gëtt, datt déi wichtegst Fluxen an der Regioun eng nach besser Ubannung un déi relevantsten Destinatiounen hunn. Dëst entsprécht dem duebelen Usproch fir d'Attraktivitéit vum ëffentlechen Transport weiderhin fir all d'Benotzer*innen ze garantéieren an den finanzielle Kader vum Finanzéierungsgesetz ze respektéieren.

Lëtzebuerg, den 27. Oktober 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes